N° 5939
Reçue le 16.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.03.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister weiderzeleeden.

Mam Gesetz vum 15ten Juni 2004 ass zu Lëtzebuerg gereegelt, wéi d'Sécherheetsstuff vun Dokumenter festgeluecht gëtt an ënnert wéi enge Konditiounen een eng "Habilitation de sécurité" (security clearance) ka kréien. D'ANS (d'Autorité nationale de Sécurité) ass fir dës Prozeduren zoustänneg. An enger éischter Instanz kritt eng intern Kommissioun vun der ANS den Dossier, déi dann evaluéiert, ob den Demandeur soll dës Habilitation kréien oder eben net. Op Basis vun dësem Dossier hëlt de Staatsminister schlussendlech d'Entscheedung.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demande fir déi ënnerschiddlech Niveaue fir eng Habilitation de sécurité goufen an deene leschten 10 Joer ugefrot?
2. A wéi ville Fäll huet ANS een Sécherheetsrisk festgestallt an deemenstpréchent d'intern Kommissioun saiséiert?
3. A wéi ville Fäll huet d'Kommissioun der ANS zougestëmmt an hirem negativen Avis?
4. A wéi ville Fäll huet gouf Demande schlussendlech vum Staatsminister ofgeleent?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député

N°5939
Reçue le 01.04.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister op d'parlamentaresch Fro n° 5939 vum 16. Mäerz 2022 vum honorabelen Deputéierte Sven CLEMENT iwwert « habilitations de sécurité »

Ad 1)

D'Autorité nationale de sécurité (ANS) gouf am Zäitraum vum 17. Mäerz 2012 bis de 17. Mäerz 2022 vu 4.153 Demande fir eng Habilitation de sécurité saiséiert.

D'Opdeelung op déi verschidden Niveauen ass :

- RESTREINT : 13
- CONFIDENTIEL : 281
- SECRET : 3.143
- TRES SECRET : 716

Ad 2)

D'ANS huet a besotem Zäitraum 15 Mol e Sécherheetsrisk festgestallt an de Staatsminister konform zum Artikel 27 vun der loi modifiée du 15 juin 2004 relative à la classification des pièces et aux habilitations de sécurité ("ANS-Gesetz") doriwwer informéiert, wouropshin de Staatsminister all Kéiers d'Kommissioun saiséiert huet, déi laut dem ANS-Gesetz dofir virgesinn ass.

Ad 3)

An 9 vun 11 Fäll huet d'Kommissioun der ANS an hirem negativen Avis zougestëmmt.

4 Fäll si momentan a Beaarbechtung bei der Kommissioun.

Ad 4)

De Staatsminister huet an all Fall den Avis vun der Kommissioun suivéiert.

Lëtzebuerg, den 1. Abrëll 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL